BESSER ZESUMMEN

# MIR KOMMUNIZEIERE MAT IECH

INFORMÉIERT | Dezember 2023

D'Equipe « Besser Zesummen » ass no de Gemengewale mat 4 vun 11 Sëtz am Gemengerot vertrueden. Doropper si mir ganz houfreg.

Ee zentrale Punkt aus eisem Walprogramm befaasst sech mat den Themen : Biergerbedeelegung a Biergerno sinn.

Mir sinn als eng kompetent a modern Equipe bestoend aus der Fraktioun an dem Comité esou opgestallt, dass mir ënner anerem, eis Kommunikatioun no bausse mat de Biergerinnen an de Bierger, mat de Veräiner an de Betriber, professionell opgesat hunn.

Dozou gehéiere fir ons :

- den **direkte Kontakt** mat eise Biergerinnen a Bierger,
- déi **digital Kommunikatioun** (Internetsite, Facebook an aner sozial Medien),
- eng reegelméisseg Relatioun zu der **Presse**.

Schlussendlech ass et eist Ziel, eis politesch Aarbecht, mat Hëllef vun de genannte Kommunikatiounskanäl, der **ganzer** Awunnerschaft aus eiser Fusiounsgemeng Schengen méi no ze bréngen.

## Wéi kënne mir eis optimal a reegelméisseg zesummen austauschen ?

Niewent dem direkte Kontakt deen et natierlech ze privilegéiere gëllt, bidden déi digital Kanäl excellent Méiglechkeeten sech reegelméisseg a ganz einfach ze erreechen.

Mir hunn aus deem Grond eisen Internetsite www.besserzesummen.com seit sengem Bestoen, permanent ugepasst an optiméiert, fir en esou iwwersichtlech wéi méiglech ze gestalten. Dir fannt op eisem Internetsite all aktuell an historesch Informatiounen, fir Iech um Lafenden ze hale wat um politesche Plang an eiser Gemeng geschitt.

Mir invitéieren Iech eisen Internetsite reegelméisseg ze besiche fir gutt informéiert ze sinn, a Gebrauch ze maache vun de folgenden Optiounen déi Dir op eisem Internetsite fannt :

- eis reegelméisseg **Newsletter** an aner wichteg Informatiounen **digital ze abonéieren**, andeems Dir einfach Är Emailsadresse op der Startsäit vun eisem Site renseignéiert,
- eis Är **Messagen an Doleancen** iwwer de **Kontaktformular** vun eisem Site zoukommen ze loossen : ‚Contact',
- oder einfach andeems Dir engem vun eise gewielte Vertrieder, Ären Numm an Är Adress zoukomme loosst, da kritt Dir selbstverständlech des **Informatiounen och an Är Boîte doheem**, soubal se disponibel sinn.

BESSER ZESUMMEN

# NOUS COMMUNIQUONS AVEC VOUS

INFORME

Décembre 2023

Depuis les élections communales, l'équipe « Besser Zesummen » est représentée au conseil communal avec 4 des 11 sièges. Nous en sommes très fiers.

Un des points centraux de notre programme électoral met en évidence la participation des citoyens ainsi que la proximité citoyenne.

En tant qu'équipe compétente et moderne, composée de la fraction et du comité, nous sommes bien placés à mener une communication avec les citoyennes et citoyens, les associations et entreprises, de manière professionnelle.

A cette fin, nous privilégions :

- le **contact direct** avec les citoyennes et citoyens,
- la **communication digitale** (site internet, Facebook et autres réseaux sociaux),
- une relation régulière avec la **presse**.

Finalement, notre but consiste à sensibiliser **l'ensemble** de la population de notre commune fusionnée de Schengen sur le travail politique que nous menons, via les canaux de communication énumérés.

## Comment pouvons-nous communiquer ensemble de manière optimale et régulière ?

A côté du contact direct qui est naturellement à privilégier, ce sont les réseaux digitaux qui favorisent une communication efficace et régulière.

C'est la raison pour laquelle nous avons pris soin d'adapter et d'optimiser régulièrement notre site internet www.besserzesummen.com afin de lui procurer un design aussi clair que transparent. Vous trouverez sur notre site internet toutes les informations actuelles et historiques, adaptées continuellement afin de vous tenir informés de toutes les actualités sur le plan politique de notre commune.

Nous vous invitons à visiter régulièrement notre site internet pour être bien informé, et de faire usage notamment des fonctionnalités suivantes de notre site :

- **l'abonnement digital** de notre Newsletter régulière ainsi que d'autres informations importantes en renseignant simplement votre adresse e-mail au niveau de la page d'accueil de notre site,
- le **formulaire de contact** pour nous adresser vos messages et doléances en utilisant le bouton 'Contact',
- de simplement communiquer vos noms et adresses à l'un de nos représentants élus, pour recevoir toutes les **informations directement dans votre boîte aux lettres à votre domicile**.